N°90
Entrée le 08.12.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.12.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/12/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Vill Impfstoffer, déi am Kader vun der Covid-19-Pandemie akaf oder bestallt goufen, hunn um Enn missten zerstéiert ginn, well d'Demande net méi esou grouss war, wéi ufangs gefaart. Wéinst lafende Laangzäitkontrakter, déi ënnerschriwwe goufen, si méi Vaccinen hiergestallt a verkaf ginn, wéi néideg. Dat war weder nohalteg um Ressourcen- an Emmissiounsniveau, nach gutt fir d'Staatsfinanzen. Trotzdeem erwaarden d'Hiersteller, dass déi iwwerflësseg Vaccinen ofkaf ginn, och wann d'Wuer net méi gebraucht gëtt. Dat huet sech och rezent nach emol gewisen an der Geriichtsaffär tëscht Pfizer an Ungarn, wou Pfizer geklot hat, well Ungarn 2022 refuséiert hat, fir déi bestallten, mee net méi gebrauchte Vaccinen, ze bezuelen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Impfstoff-Dosen hu säit menger leschter Fro vum Oktober 2023 zousätzlech zu de scho bekannten Dose missten zerstéiert ginn?

   Wéi vill Vaccinen huet d'Regierung bis elo missten insgesamt zerstéieren? Kann d'Regierung opléschten ëm wéi vill Flaconen vu wéi engen Hiersteller et sech heibäi handelt?

   Wéi héich war de Käschtepunkt bis elo insgesamt vun deenen zerstéierte Flaconen (Präis fir d'Impfstoffer)?

   Wéi héich war de Käschtepunkt vun der Entsuergung vun deenen zerstéierte Flaconen insgesamt (Präis dir eng konform Entsuergung)?

2. Wéi vill Dose vu wéi engen Hiersteller muss Lëtzebuerg nach akafen, well nach eng kontraktuell Verflichtung dofir besteet?

3. Kann d'Ministesch eis d'Oflafdatumer grad ewéi déi verbleiwend Unzuel u Flaconen vun all deene verschiddenen Impfstoffer ginn, déi Lëtzebuerg am Moment op Stock huet?

4. Erwaart Lëtzebuerg nach Impfstoffliwwerungen?
   Falls jo: Ass geplangt vollstänneg fir dës Liwwerungen ze bezuelen, oder ginn et Pläng fir Renegociatiounen?

Wéi héich ass de Montant?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 90 vum 8. Dezember 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1.Wéi vill Impfstoff-Dosen hu säit menger leschter Fro vum Oktober 2023 zousätzlech zu de scho bekannten Dose missten zerstéiert ginn? Wéi vill Vaccinen huet d'Regierung bis elo missten insgesamt zerstéieren? Kann d'Regierung opléschten ëm wéi vill Flaconen vu wéi engen Hiersteller et sech heibäi handelt?*

Wéi schonn den 18. Oktober 2023 an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 8206 vum 3. August vum honorabelen Deputéierten präziséiert, huet Lëtzebuerg sech um gemeinsamen Akaf vun Impfdosen vun der Europäescher Unioun (EU) bedeelegt fir soumat eng besser Positioun an de Négociatiounen mat de Produzente ze hunn. Doduerch ass Lëtzebuerg, genau esou wéi all anert Land aus der EU, kontraktuell gebonnen eng proportionell Unzuel un Dosen mat anzekafen. Deemno ass et och zu Lëtzebuerg, genau wéi an deenen anere Länner vun der EU, net méiglech ze verhënneren, dass eng gewëssen Unzuel vu Flacon'en aus diverse Grënn hu missten zerstéiert ginn.

Tëschent dem 18. Oktober 2023 an dem 8. Januar 2024 goufen 349.942 Dosen zu Lëtzebuerg zerstéiert.

Op den 8. Januar 2024 goufen insgesamt 1.105.182 Dosen zu Lëtzebuerg zerstéiert respektiv fortgeschéckt fir zerstéiert ze ginn, dorënner:

| Impfstoff | Unzuel un Dosen |
|---|---|
| AstraZeneca | 17.900 |
| Janssen | 31.520 |
| Novavax | 95.550 |
| BioNTech-Pfizer | 368.352 |
| Moderna | 591.860 |

*Wéi héich war de Käschtepunkt bis elo insgesamt vun deenen zerstéierte Flaconen (Präis fir d'Impfstoffer)?*

De Gesamtkäschtepunkt vun den zerstéierten Dosen gëtt op EUR 23.487.499,15 geschat, wuel wëssend dass d'appliziéiert Wiesselcours'en zum Zäitpunkt vun den Paiementer vun den verschiddenen Rechnungen den Gesamttotal liicht änneren kënnen.

*Wéi héich war de Käschtepunkt vun der Entsuergung vun deenen zerstéierte Flaconen insgesamt (Präis fir eng konform Entsuergung)*

Op den 19. Dezember 2023 huet d'Zerstéierung selwer EUR 13.810,84 kascht. Enn Dezember sinn nach eemol 36.340 Dosen verschéckt ginn fir entsuergt ze ginn. Dës Entsuergung ass nach net an Rechnung gestallt ginn ass, am Duerchschnëtt kascht d'Zerstéierung vun enger Dosis allerdéngs em déi 0.014 EUR.

*2. Wéi vill Dose vu wéi engen Hiersteller muss Lëtzebuerg nach akafen, well nach eng kontraktuell Verflichtung dofir besteet?*

Et ginn nach 464.354 Dosen Comirnaty (BioNTech-Pfizer) erwaart. D'Liwwerungen sinn iwwer 3 Joer verdeelt an dat op d'Joren 2024 bis 2026. Dat entspréch ongeféier 154.785 Dosen pro Joer.

*3. Kann d'Ministesch eis d'Oflafdatumer grad ewéi déi verbleiwend Unzuel u Flaconen vun all deene verschiddenen Impfstoffer ginn, déi Lëtzebuerg am Moment op Stock huet?*

Den folgenden Tableau liwwert d'Unzuel vum Stock op den 8. Januar 2023.

| Péremptions par vaccins | Flacons | Doses/Flacons | Stock doses |
|---|---|---|---|
| Pfizer pédiatrique Covid19 vaccine 1 vial 5-11 y orange | | | |
| 30 avril 2024 | 2.331 | 10 | 23.310 |
| Pfizer pédiatrique Covid19 vaccine 1 vial 6m – 4y marron | | | |
| 30 juin 2024 | 1.913 | 10 | 19.130 |
| Pfizer Comirnaty adults RTU BA.1 TOZI/RILTOZI (gris) 1 vial | | | |
| 30 avril 2024 | 13.264 | 6 | 79.584 |
| Pfizer Comirnaty adults RTU BA.4/BA.5 ORIGINAL/OMICRON (gris) 1 vial | | | |
| 30 juin 2024 | 6.199 | 6 | 37.194 |
| 31 juillet 2024 | 15.370 | 6 | 92.220 |
| Pfizer Comirnaty children Covid19 vaccine 1 vial 5-11y BA 4.5 | | | |
| 31 août 2024 | 958 | 10 | 9.580 |
| Pfizer Comirnaty TRIS-Adults RTU 30mcg XBB 1.5 MONO | | | |
| 31 octobre 2024 | 480 | 6 | 2.880 |
| 31 octobre 2024 | 480 | 6 | 2.880 |
| 31 octobre 2024 | 480 | 6 | 2.880 |
| 31 janvier 2025 | 1.440 | 6 | 8.640 |
| 31 janvier 2025 | 4.800 | 6 | 28.800 |

| | | | |
|---|---|---|---|
| Pfizer Comirnaty children TRIS 5-11 DUT 10 mcg XBB 1.5 MONO | | | |
| 31 octobre 2024 | 480 | 10 | 4.800 |
| 31 janvier 2025 | 960 | 10 | 9.600 |
| Pfizer Comirnaty pediatrie TRIS 6mo-4 DUT 3 mcg XBB 1.5 MONO | | | |
| 31 octobre 2024 | 480 | 10 | 4.800 |

*4. Erwaart Lëtzebuerg nach Impfstoffliwwerungen? Falls jo: Ass geplangt vollstänneg fir dës Liwwerungen ze bezuelen, oder ginn et Pläng fir Renegociatiounen? Wéi héich ass de Montant?*

Déi nach erwaarte Liwwerunge sinn an der Äntwert op d'Fro 2 präziséiert.

D'Verhandlungen mat den Produzenten hunn et méiglech gemaach, déi reschtlech Liwwerquantitéiten un Impfdosen op die nächst Joeren ze verdeelen an beim initialen Präis ze bleiwen (EUR 19,50€ pro Dose) bis zum Enn vum Kontrakt. De Gesamtkäschtepunkt bis Enn 2026 läit bei EUR 9.054.903 HTVA.

Lëtzebuerg, den 9. Januar 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez